fest, dass et net gutt ass, dass d'Équipë sech net eens ginn iwwert d'Démarche, dass keng Kohärenz an enger Schoul ëmmer schlecht ass, a si recommandéieren, dass een d'Schüler nach méi misst insistéieren, fir individuell Produktiounen ze maachen.

Déi Rapporte kënnt Der um Site vum Ministère consultéieren. Si sinn alleguerten och um Site, och d'Questionnairen.

Da war d'Interkantonale Hochschule für Heilpädagogik Zürich, déi eng Evaluatioun gemaach huet. Och si zertifiéieren e grousst Engagement, och si stelle fest, dass d'Enseignanten dépasséiert ware vun den Evenementer. Si maachen deeselwechte Reproche: D'Ambitioun au départ war vill ze vill grouss. Si hätte misse méi bescheiden ufänken, well eng École de recherche baut sech vun ënnen op an et kann ee se net direkt ganz dohinnersetzen. Si recommandéieren eis: „Dir musst oppassen, dass Der Rou an déi Schoul kritt; d'Objektiver, d'Rôlë clarifiéiere vun deene verschiddenen Acteuren."

Déi zwee Rapporten, Här President, well dat ass jo déi Fro, déi ech gestallt kréien, confirméiere mech doranner, dass mer mat där Schoul solle weiderfueren.

Une voix.- Très bien!

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Mir gesinn eng nette Verbesserung vum leschte Joer op dëst Joer. An ech sinn och zouversiichtlech, dass dat esou weidergeet.

Et hu vill Elteren hir Kanner aus der Schoul erausgeholl, dat ass richteg, besonnesch déi an deene méi héije Klassen. Mir hunn awer nach ëmmer eng immens Demande vu Kanner, déi wëllen an déi Schoul do goen. Dëst Joer fir d'Inscriptiounen an de Précoce hate mer 120 Demanden, an ech wëll Iech rappeléieren, dass zwielef Kanner kënne geholl ginn. Et ass also nach ëmmer eng grouss Demande. Et ass och net esou, dass d'Elteren, déi hir Kanner an der Schoul hunn, onzefridde sinn.

Ech wëll och soen, dass d'Gesetz respektéiert gëtt. Et gëtt jo gesot: Mir halen eis net méi un d'Gesetzer. Et ass nach ëmmer eng inklusiv Pedagogik. Ech wëll soen, fir déi, déi sech interesséieren, well „Inclusioun" ass jo ganz schwéier ze ëmschreiwen. Et gëtt en Index fir Inclusioun, dat sinn iwwer 100 Säite mat esou vill Indicateuren. Inclusioun ass keen Dogma. Inclusioun ass eng Démarche.

Et ass en Zil, wat een ustrieft, ouni dass een eng bestëmmt Didaktik oder eng bestëmmt Method muss uwennen. An d'Iddi ass jo eben, d'Kanner zesummenzeloossen, all Kand als e Räichtum unzegesinn a jiddwereen dorunner participéieren ze loossen. An et ass och net richteg, dass déi Kanner an d'ÉDIFF ausgelagert ginn. Mir hu just gesot, dass mer fir d'Diagnostik do géifen op Personal vun der ÉDIFF zréckgräifen.

M. le Président.- Madame Minister, erlaabt Der, datt den Här Adam Iech eng Fro stellt?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Selbstverständlech. Hie probéiert jo verzweifelt…

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Jo, ech hu scho virdru probéiert, Madame Minister. Du wollt ech just froen, Dir sot vun den Experten. Sot eis och, wéi laang datt den Här Brügelmann do war, fir déi Observatioun ze maachen!

An déi zweet Saach wëll ech awer och richtegstellen. Ech hunn zu kengem Moment gesot, et wiere Kanner, déi an d'ÉDIFF ausgelagert gi sinn; ech hu gesot, et wier Personal,…

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Jo.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- …wat an d'ÉDIFF ausgelagert gëtt.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Ech wëll just do nach richtegstellen, et ass dat Personal, wat den Diagnostik mécht. Well mer vu verschiddene Säiten… Et gëtt jo an all Science verschidde Schoulen, déi soen: „Et ass net gutt, wann déiselwecht Leit den Diagnostik opstellen, déi herno d'Kanner betreien." Mä soit.

Den Här Brügelmann, also ech mengen, hie war zwee ganzer Deeg an der Schoul. Den Här Brügelmann war een Dag do mam Dokter Peschel. An d'Interkantonale Hochschule für Heilpädagogik, déi waren awer… Zwee Deeg, seet de President vun der Schoul, war den Här Brügelmann do.

Une voix.- Dat ass verbueden.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Wat gelift?

Une voix.- Dat do ass verbueden.

(Hilarité)

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- An… Neen, ech mengen, dat ass och… Ass dat… Also, ech wollt just… Här President, wann Der erlaabt, wollt ech den Här Adam froen, awéiwäit dat elo fir dësen Débat relevant ass. Ech mengen, mir kënne jo nach…

Sécher ass gesot ginn: „Mir mussen eng Evaluatioun maachen, déi méi zolidd ass a méi durabel." Mir hunn hei immens vill Leit an déi Schoul geschéckt, fir ze kucken, wat do fonctionnéiert a wat net fonctionnéiert. Dass et net optimal ass, huet jiddwereen hei confirméiert, a mir hunn ëmmer erëm Recommandatioune kritt, fir ze kucken, dass mer et solle besser maachen.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President,…

M. le Président.- Här Adam, awer just nach eng Fro, well mir fänken duerno mat der Diskussioun un.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- …d'Madame Minister huet mir och elo eng Fro gestallt. Ech wëll ganz kuerz drop äntwerten. Ech mengen, et ass relevant, einfach fir bei der Wourecht ze bleiwen. Wa mer Experten zitéieren, musse mer och soen, wéi wäit datt se intervenéiert sinn.

Ech sinn net op déi Rapporten agaangen, well ech net weess, wéi offiziell se sinn. Den Här Brügelmann schreift: „Insgesamt stehen meine Einschätzungen unter einem starken Vorbehalt. Ich habe voll nur an einem Hospitationstag, zudeem noch Montag und erster Schultag nach einer Ferienwoche, am Schulleben teilnehmen können und bin dabei noch zwischen den Gruppen gewechselt."

Ech mengen, dat muss een och soen, wann een…

(Interruption)

Den Här Brügelmann ass fir mech wierklech ee Pedagog, deen ech héich schätzen.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Nach eng Kéier, alles ass um Site ze consultéieren. Mir halen näischt geheim.

Une voix.- Wonnerbar.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Jiddweree kann alles liesen, wat dosteet. Ech hunn hei an dësem Dossier iwwerhaapt näischt ze verstoppen. Ech wëll dat just hei ganz kloerstellen. Ech wëll just net de ganze Rapport hei virliesen, well soss lauschtert mer kee méi no.

Da wollt ech soen, also, ech war do, fir ze soen, dass d'Gesetz respektéiert gëtt. Et ass nach ëmmer eng inklusiv Schoul. Et ass eng École de recherche. Den éischte Projet de recherche, dat war iwwer Portfolio, PORTINNO, deen ass fäerdeg. Och dee Rapport kënnt Der um Site vum Ministère consultéieren.

Fir op d'Fro vum Här Hoffmann ze äntwerten: Wat kann een transposéieren? Also, déi Recherche, déi do iwwert d'Aarbecht mat Portfolio gemaach ginn ass, dat ass eng, déi nëtzlech ass fir all eis Schoulen, well mer jo gär hätten, dass iwwerall an de Schoule soll mat Portfolio geschafft ginn.

Deen zweete Projet de recherche, dee leeft elo am September u mat der Uni Lëtzebuerg, an dat soll dann iwwer Identifikatioun vun „best practices" lafen. Et ass nach ëmmer eng Schoul, wou all d'Institutiounen a participativ Organen do sinn. Wéi gesot, d'Instruktioun ass do, fir op d'Urgence ze reagéieren, mä déi kann ëmmer geännert ginn.

Ech wéilt och soen, dass „Eis Schoul" invitéiert ginn ass op de véierte Forum des enseignants innovants et de l'innovation pédagogique zu Lyon, deen ënnert den Auspicë vum Ministère vun der Éducation a Frankräich steet.

An da wollt ech Iech zum Schluss e kuerze Passage vun engem Mail virliesen, deen e Papp mer geschriwwen huet, nodeems hei gesot ginn ass, eis Kanner géifen do maltraitéiert an „Eis Schoul", an - den Här Bauler huet dat hei behaapt - mir géifen dat hei op d'Käschte vun de Kanner maachen.

Ech wëll Iech just virliesen: „Ech wollt Iech Merci soe fir «Eis Schoul». Dës Schoul huet besonnesch dëst Joer…" - an ech insistéieren dorop, „besonnesch dëst Joer", dat ass also dat drëtt Joer - „…menge Kanner ganz gutt gedoen, an ech géif mer wënschen, dass nach vill aner Kanner vun dëser Schoul profitéiere kéinten. Sécher hat ech, wéi vill aner Elteren och, de Bauch wéi, wéi d'Schoul de 15. Juli 2010 eriwwer war a mir net wossten, wat de 15. September 2010 op eis géif duerkommen. Mä wat elo an deenen zwee Trimestere geleescht ginn ass, dat ass net ze beschreiwen. Deen Asaz, déi Energie an déi Gedold, a virun allem dat Vertrauen, dat d'Personal mat de Kanner zesummen dëst Joer zum Dagesliicht bruecht hunn, ass einfach enorm."

An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir mech d'Fro, ob mer déi Schoul solle weiderféieren oder net, kloer: Mir fuere weider mat „Eis Schoul". Ech erwaarde mer vun „Eis Schoul", dass se mat deemselwechten Engagement weiderfiert. Ech erwaarde mer vun der Recherche, dass se eis Erkenntnisser gëtt, wéi mer kënne mat Heterogenitéit an der Schoul ëmgoen.

An ech wier dankbar, wa verschidde Rumeuren iwwer „Eis Schoul" net méi géife gezielt ginn. Dat veronséchert déi Elteren, déi hir Kanner an där Schoul hunn. Ech mengen, dass mer zu Lëtzebuerg - ech war ëmmer där Meenung an ech bleiwen där Meenung och - an der öffentlecher Schoul och musse kënnen alternativ Modeller vu Schoulhalen offréieren. An hei ass et jo wierklech nun de Choix vun den Elteren, dass se hir Kanner kënnen an esou eng Schoul schécken. An dofir mengen ech, dass dat eng Beräicherung fir eis Schoullandschaft ass.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Minister. Domadder ass dëse Punkt ofgeschloss a mir kommen elo zu deem nächste Punkt, nämlech dem Projet de loi 6226 iwwert d'Verstäerkung vum Personal an administrativen an technesche Carrièren a verschiddene Lycéeë vum Land. Hei ass och d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Andrich-Duval, den Här Berger an den Här Adam. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich.

2. 6226 - Projet de loi

1. portant création de postes de renforcement dans les carrières administratives et techniques pour les besoins du Lycée technique agricole, du Lycée technique Mathias-Adam de Pétange, du Lycée technique de Lallange, du Lycée Nic-Biever à Dudelange et du Lycée technique pour professions éducatives et sociales;

2. complétant l'article 15 de la loi modifiée et complétée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote;

3. complétant la loi du 12 mai 2009 modifiant et complétant

a) la loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote;

b) la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert, dénommé par la suite «Atert-Lycée»

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Fernand Diederich *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, den Objet vun dësem Projet de loi besteet doranner, niewent deene jährlechen Engagementer iwwert d'Budgetsgesetz zousätzlech administratiivt an technescht Personal a fënnef Lycéeën anzestellen.

De Volume vun dësen Engagementer ass bestëmmt ginn duerch de Vergläich vun den Effektiver vun deene concernéierte Lycéeën, bei deene Renovatiounen oder Extensioune stattfonnt hunn, a wou d'Schülerzuel geklomm ass, d'Personal awer net renforcéiert gouf, mat de Personalkadere wéi se an de Gesetzer virgesi si fir d'Schafung vun neie Lycéeën an de leschte Jore souwéi de Suggestiounen, déi duerch de Collège vun den Direkteren aus dem Secondaire souwéi dem Secondaire technique ausgeschafft goufen.

Déi entspriechend Virschléi droen de Spezifissitéite vun den eenzelnen Etablissementer Rechnung. Dëst gëllt fir de Lycée technique Mathias-Adam, deen op zwee Sitë fonctionnéiert, de Centre vu Lamadelaine an de Centre vun Déifferdeng, déi dëst Joer vun 1.777 Schüler besicht ginn a wou nei Infrastrukturen am September 2008 zu Lamadelaine a Betrib geholl goufen.

Wat de Lycée technique vu Lalleng ubelaangt, deen 2002 geschafe gouf, esou war d'Personal vum ale Lycée technique vun Esch-Uelzecht op déi zwee Etablissementer verdeelt. Vu datt déi nei Infrastrukture vum Lycée technique vu Lalleng bei der Rentrée 2010/2011 a Betrib geholl goufen, muss de Kader vum administrativen an technesche Personal adaptéiert ginn.

De fréiere Lycée technique Nic Biever vun Diddeleng huet viru kuerzem seng schoulesch Offer op d'Division supérieure vum Enseignement secondaire ausgedehnt an heescht elo „Lycée Nic-Biever". Wéi an anere Lycéeën ass och hei d'Schülerzuel staark geklomm. Waren et 1999 nach ënner 1.000 Schüler, esou waren 2010 1.534 Schüler a 87 Klassen ageschriwwen. Ausserdeem gëtt d'Situatioun doduerch komplizéiert, datt d'Lycéesinfrastrukturen op zwee Sitë verdeelt sinn, déi dräi Kilometer ausernee leien.

D'Gesetzer iwwert d'Extensioun vun den Infrastrukturen hunn awer keng Opstockung vum Personalkader virgesinn. Dëse Projet erlaabt et, dat néidegt Personal ze rekrutéieren.

De Projet de loi iwwert de Bau vum Lycée technique agricole zu Gilsdref gesäit net nëmme Klassesäll, Spezialsäll an Ateliere vir, mä och e Schoulrestaurant, en Internat souwéi eng Sportshal an ee Sportsterrain.

D'Dimensioune vun dësem neie Site dépasséiere bäi Wäitem déi vum aktuelle Lycée zu Ettelbréck a maachen d'Astellung vun zousätzlechem Personal noutwendeg. Am Laf vun den Diskussiounen hunn d'Membere vun der Kommissioun décidéiert, de Lycée technique pour professions éducatives et sociales bei déi aner Lycéeën derbäizesetzen. Am Januar 2012 wäert hien zesumme mam „Neie Lycée" de Campus scolaire vu Miersch bilden an dëst iwwer eng „public private partnership".

D'Zuel vun de Schüler ass an de leschten aacht Joer ëm méi wéi 60% gewuess, an et ass virgesinn, mëttelfristeg 900 Schüler opzehuelen.

Den éischte Service, wou Personal feelt, ass d'Bibliothéik an de Centre de documentation et de recherche. Dës Ariichtung, déi 27.000 Wierker zielt, ass indispensabel fir d'Studenten an d'Enseignanten; besonnesch, wann ee weess, datt dëse Lycée déi eenzeg Plaz am Land ass fir eng Formatioun am sozialen an éducative Beräich an domat eng national Bedeitung huet. Vu datt fir d'Gestioun vun dësem Informatiounszentrum nëmmen een Employé zoustänneg ass, schéngt d'Astellung vun engem Bibliothécaire-documentaliste indispensabel.

De Service SPOS, deen eréischt 2006 an dësem Lycée geschaf ginn ass, gëtt vun enger eenzeger Psychologin assuréiert, déi deene ville Besoinë vun hirer Tâche net kann nokommen. Ausserdeem kritt de Lycée en Internat, sou datt en zousätzlechen Agent, an zwar en Assistant social virgesinn ass, fir den noutwendegen Encadrement ze garantéieren. Dës Ajoute huet e parlamentareschen Amendement bedeit, wouzou de Conseil d'État a sengem Avis complémentaire säin Accord ginn huet.

Am initiale Regierungstext war virgesinn, datt bei der Besetzung vun deene respektive Posten eng Prioritéit géif bestoe fir déi Leit, déi beschäftegt waren ënnert dem Regime OTI - Occupation temporaire indemnisée.

Et war sécher eng luewenswäert Vue, fir dat ze probéieren. De Statsrot huet a sengem Avis vum 22. Mäerz awer gemengt, datt an dësem Fall esou ee Régime particulier net dierf ugewannt ginn, wou dach de Rekrutement vu bestehenden ähnleche Posten an de Lycéeën nom Droit commun géif geschéien, an huet eng Opposition formelle ausgesprach. D'Kommissioun huet deem Rechnung gedroen an de leschten Alinea vum Artikel 1 gestrach.

Schliesslech war am Gesetz vum 25. Juli 2005 iwwert d'Schafung vum Lycée pilote „Neie Lycée" nëmmen d'Fonctioun vum Éducateur gradué mat engem Diplom vum Bachelor virgesinn. D'Erfahrungen, déi säit där Zäit gemaach goufen, hunn awer gewisen, datt de Beruffsprofil vum Éducateur diplômé mat engem Diplôme de fin d'études secondaires techniques besser de Besoinen um Terrain entsprécht. Dëse Projet de loi schléit also vir, déi verschidden Texter esou ze komplettéieren, datt niewent dem Éducateur gradué och den Éducateur diplômé ka rekrutéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Total vun den Engagementer, déi am Projet de loi virgesi sinn, handelt et sech ëm 48 Posten, déi sech folgendermoossen opdeelen: zwee Psychologen, véier diplomiéiert Informatiker, véier Bibliothécaires-documentalistes an een Assistant social. Dës Leit kënnen engagéiert ginn entweder ënnert dem Statut vum Fonctionnaire de l'État oder ënnert dem Regime vum Employé de l'État.

Derniewent sinn et 14 Handwierker, sechs Garçons de salle, een Employé aus der Carrière S, dräi Employéen aus der Carrière D, ee

Concierge an zwielef Aarbechter. Dës Poste kënne besat ginn duerch Leit ënnert dem Statut vum Fonctionnaire oder ënnert dem Regime vum Kollektivvertrag vun de Statsaarbechter. An alle Fäll mussen d'Kandidate fir ee vun deenen opgezielte Posten déi virgeschriwwen Ausbildungsbedéngungen erfëllen. Ausserdeem gëtt déi geméinlech Prozedur agehalen. Dat heescht, no der Autorisatioun am Regierungsrot gëtt och den Avis ageholl vun der Commission d'économie et de rationalisation.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir gesinn, datt niewent deene villen neie Schoulgebaier, déi regelméisseg a Betrib geholl ginn, ageweit ginn, och vill aner renovéiert oder vergréissert goufen. Mir brauche fir all déi Etablissementer dat néidegt Personal fir en optimale Fonctionnement an Entretien souwéi fir e beschtméiglechen Encadrement fir d'Schüler.

Ech wëll an deem Sënn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fernand Diederich. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval agedroen. Madame Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer elo grad am Detail vum Rapporteur, dem honorabelen Här Diederich, héieren hunn, deem ech Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport, ass d'Haaptuleies vun dësem Gesetzesprojet, fir dat administratiivt an technescht Personal vu verschiddene Lycéeën opzestocken. Am Ganzen handelt et sech, hu mer héieren, ëm 48 Posten, déi dat éischt Joer mat ronn zwou Milliounen Euro zu Buch schloen.

Doriwwer eraus gi jo och d'Gesetzestexter vum „Neie Lycée" ugepasst, fir déi do bestehend Poste souwuel mat Éducateurs gradués wéi mat Éducateure kënnen ze besetzen.

Erlaabt mer am Numm vun der CSV-Fraktioun just e puer Kommentaren zu deem Projet de loi ze maachen.

Den Ausléiser vun dem Verfaasse vun engem Gesetzestext ass am Fong de Gesetzesprojet, deen de Bau vun där neier Akerbauschoul zu Gilsdref virgesäit, an deen a senger neier Versioun seng Infrastrukturen esou vergréissert, dass parallell muss légiféréiert ginn, fir dat néidegt zousätzlecht Personal ze rekrutéieren.

Et gëtt awer nach aner Lycéeën, déi am Laf vun de Joren ausgebaut goufe respektiv souguer op e puer Sitë verdeelt goufen an deenen hir Schülerzuel zolidd geklommen ass, ouni dass si bis elo dofir Personal bäikruten. Et feelt haaptsächlech un techneschem, administrativem Personal, fir den néidegen Ënnerhalt vun de Gebaier an technesch Assistenz souwéi fir d'Verwaltung vun den zousätzleche Schüler ze garantéieren. Als Beispill wëll ech de Lycée Nic-Biever zu Diddeleng zitéieren, deen net nëmmen um Site selwer ausgebaut gouf, mä deen och eng Annex am Quartier Italien am Frankelach bäikrut. Do baut de Stat och elo nach eng Sportshal, wou d'Gemeng Diddeleng sech dru bedeelegt, fir en Deel vun hire Besoinen ofzedecken.

Bei der Rentrée 2009/2010 war d'Schülerzuel op ronn 1.550 Schüler, déi op 87 Klasse verdeelt waren, geklommen. A mir hunn d'lescht Sessioun an deem héijen Haus hei d'Dieren opgemaach fir eng qualitativ Weiderentwécklung vum fréiere Lycée technique Nic Biever, andeems mer jo do elo och de kompletten Zyklus vum klassesche Secondaire kënne fir véier Sektiounen ubidden an domat d'Schüler also net méi brauchen an de Lycée ze wiesselen.

Dëst sinn deemno d'Kritären, no deenen de Statsrot jo iwwregens gefrot hat an déi applizéiert goufen, fir déi zousätzlech Posten ze schafen.

Ee Lycée gouf nach iwwer Amendement vun der parlamentarescher Kommissioun bäigesat, deen d'CSV-Fraktioun voll matgedroen huet. An zwar de Lycée fir éducativ a sozial Beruffer, dee jo soll am Joer 2012 op dem neie Campus zu Miersch anzéien zesumme mam „Neie Lycée". An duerfir huet de Statsrot och déi Démarche hannerfrot. Et huet sech hei awer ëm déiselwecht Kritäre gehandelt wéi bei deenen anere Gebaier, ofgesi vum Personal fir den Ënnerhalt an d'Bewaachung vum Gebai, well et sech jo hei ëm eng „public private partnership" handelt, wou dat Personal am Kontrakt mat abegraff ass.

Esou kann de Poste vun engem Bibliothécaire geschafe ginn, well dëse Lycée ass déi eenzeg Ausbildungsplaz am Land fir déi éducativ a sozial Beruffer, wou en plus och regelméisseg déi fréier Schüler op d'Bibliothéik an den Dokumentatiouns- a Recherchezentrum, déi ronn 27.000 Dokumenter zielen, zréckgräife kënnen.

Och ass e Poste vun Assistant social virgesinn, fir de SPOS hei ze verstäerken, well zousätzlech zu där héijer Schülerzuel en Internat a Betrib geholl gëtt.

Dëst sinn also alles Posten, déi zousätzlech zum Numerus clausus vum Stat geschaf ginn, well d'Poste vum Numerus clausus gi jo héich néideg gebraucht, fir Enseignanten ze rekrutéiere parallell zu der steigender Schülerzuel an de Gebaier.

Et bleift also ze hoffen, dass déi zoustänneg Regierungsinstanzen der Chamber hirem Wëlle Rechnung droen a se fir déi scho bestehend Gebaier déi gestëmmte Posten esou séier wéi méiglech accordéieren. D'CSV steet jiddefalls hannert dësem Projet de loi, well et si Suen, déi an eis Jugend, also eis Zukunft investéiert ginn.

Duerfir wäert d'CSV, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet och matstëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Andrich-Duval. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo, Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Ech wéilt dem Rapporteur Merci soe fir säi kuerzen awer ausféierleche Bericht. Ech mengen, mir hunn dee Projet de loi hei an der Chamber, well eben nei Gebailechkeete komm si respektiv Annexe gebaut gi si bei Schoulen an doduerjer dann nieft den Enseignanten natierlech och neit technescht oder administratiivt Personal néideg ass, zum Deel och éducatiivt Personal wéi zum Beispill mat der Assistante sociale.

Eng zweet Ursaach ass sécherlech déi, datt och ëmmer méi Schüler an eise Schoule sinn an datt dat also nei Schoule bedéngt, mä awer och méi Encadrement an eben och méi techneschet Personal. A wann een déi verschidde Schoule kuckt, sinn dat jo zum Deel Schoulen aus dem Süden: Esch/Lalleng, Diddeleng. Dat ass jo ze begréissen. An do wëll ech awer drun erënneren an deem Kontext, datt nach Besoin besteet am Süde fir nei Schoulen. Ënner anerem denken ech do un Déifferdeng, wou mer onbedéngt och nach e Lycée brauchen, fir do och all déi Schüler opzefänken.

(Interruption)

Am Norde sécherlech och, mä well ech elo hei déi Schoulen aus dem Süden zitéiert hunn, géif ech och nach u Mondorf denken, mä ech war elo hei an der Lëscht vun deenen aus dem Süden.

(Interruption)

Duerfir hunn ech do automatesch déi aus dem Süden drugehaangen.

(Interruption)

Dat gesot awer, Här President, kann ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Grad wéi den Här Berger sinn ech och der Meenung, datt mer nach mussen op ville Plazen am Land nach vill Schoule bauen, well mer ëmmer méi Schüler hunn.

Ech wëll et awer och ganz kuerz maachen. Ech wëll dem Rapporteur, dem honorabelen Här Bim Diederich, Merci soe fir säi mëndlechen a säi schréftleche Rapport.

Do derbäi, mer hunn ëmmer e bësselchen e schlecht Gefill, wa mer musse Posten iwwer esou Gesetzer bäistëmmen. Ech mengen, mir hunn den Numerus clausus beim Stat, wou mer dëst Joer anscheinend 120 Poste geschaf hunn, vill fir d'Éducation nationale, an awer mat deene wuessende Schülerzuelen ass dat e bësselche schued.

Hei hate mer och nach bal eng Schoul vergiess: de Miersher Lycée des professions éducatives et sociales.

(Interruption)

En ass, de Rapporteur huet et gesot, nogerutscht. A mir haten och an der Kommissioun driwwer diskutéiert, dat war motivéiert, datt déi zwee Posten nokomm sinn. Sou gëtt et bestëmmt och nach aner Schoulen am Land. A wéi gesot, mir wäerten och eisen Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen net, fir Lokalpolitik ze maachen, mä als Éischt och dem Här Diederich, eisem Rapporteur, e ganz groussen…

(Interruptions)

…an häerzleche Merci fir seng Aarbecht.

Mir stëmmen haut iwwer e Projet of, deen et eiser Meenung no an dëser Form iwwerhaapt net däerft ginn. D'Madame Unterrechtsminister Delvaux hätt gär méi Posten an enger Rei vu Lycéeën uechtert d'Land, an esou wäit hu mir och bestëmmt näischt dergéint. Mä amplaz déi nei Posten an d'Budgetsgesetz anzeschreiwen, sou wéi dat normalerweis gemaach gëtt, kréie mir hei e Projet zerwéiert - ech zitéieren: „par dépassement de l'effectif total du personnel hors numerus clausus et en dehors du nombre des engagements de renforcement", déi am Budgetsgesetz stoungen.

Mir als ADR hu bestëmmt näischt dergéint, wann eis Lycéeën dat Personal kréien, wat si brauchen. Mä an Zäite vun enorme Budgetsdefiziter gesi mir guer net gär, wann déi normal Budgetsprozedure vun engem Minister ëmgaange ginn, an och nach vun engem, dee personalméisseg scho vill besser behandelt gëtt wéi all déi aner.

Iwwerall feelt et u Leit: an der Arméi, der Police, bei den Hëllefsdéngschter, am Immigratiounsminstère, bei der ADEM an nach op villen, villen anere Plaze méi. Hei an der Chamber och. Dem Verwaltungsgeriicht hu mir viru kuerzem nëmmen ee Riichter bäiginn, a Gott weess, datt dat nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass. Mat dësem Gesetz kritt den Éducatiounsminister awer op ee Schlag ronn 50 Leit bäi.

Ass dann an där Budgetssituatioun, an där mir sinn, e Schoulpsycholog méi oder manner wierklech eng national Prioritéit? Mir mengen neen. A firwat kann d'Madame Delvaux net an hirem eegene Ressort Leit aner Fonctioune ginn a si dohi schécken, wou si vläicht méi néideg géife gebraucht ginn?

Här President, d'ADR wëllt net, datt all Ministère elo ufänkt, fir laanscht déi normal Budgetsprozedure Spezialgesetzer fir déi eege Besoinen ze maachen. Mir hätte gär eng allgemeng Budgetsdisziplin, zu där dës Regierung ganz offensichtlech net capabel ass.

Mir sinn awer, wéi gesot, net géint eng personell Verstäerkung vun eise Schoulen, esou wäit déi wierklech néideg ass. Aus dësen Iwwerleeungen eraus enthale mir eis bei dësem Gesetz.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt d'Wuert d'Unterrechtsministerin, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Här President, och ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an all menge Virriedner. Ech weess, dass dat elo net déi orthodoxst Manéier ass, fir Leit ze rekrutéieren a Personal fir an d'Schoulen, mä ech soen lech alleguerte Merci fir d'Zoustëmmung. Et ass fir eng gutt Saach.

Merci.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6226 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen, géint 4 Enthalungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6226 est adopté par 54 voix pour et 4 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Als nächste Punkt hu mer haut eng Orientéierungsdebatt iwwert de Rapport vun der Kontrollkommissioun iwwert d'Euthanasiegesetz. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech do ageschriwwen: d'Madame Mergen, den Här Wagner, d'Madame Err, den Här Huss, den Här Colombera an den Här Hoffmann. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Martine Mergen agedroen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

3. Débat d'orientation sur le rapport de la Commission nationale de contrôle et d'évaluation de l'application de la loi sur l'euthanasie

Exposé

Mme Martine Mergen *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, sou wéi dat virun zwee Joer hei gefrot gi war, huet d'Kommissioun fir d'Kontroll an d'Auswäertung vum Gesetz iwwert d'Euthanasie an d'Assistance au suicide hiren éischte Rapport virgeluecht. Mir sinn hei an enger e bësse komescher Prozedur, well mir alleguerten zesummen dësen Débat ugefrot hunn, souzesoen. An duerfir erlaabt mer als éischte Riedner kuerz de Rapport awer virzestellen.

Am éischten Deel vum Rapport ginn d'Chifferen duergeluecht. D'Zuel vun den deklaréierten an duerchgefouerten Euthanasien: Et waren der fënnef, eng am Joer 2009, véier am Joer 2010. Mir ginn och gewuer, dass et dräi Fraen an zwee Männer woren. Si waren alle fënnef iwwer 60 Joer al. Zwee haten iwwer 80 Joer. Dräi Euthanasien hunn am Spidol stattfonnt, zwou bei de Leit doheem. All dës Patienten haten als Ursaach fir hiert Leide Kriibs. An den Akt ass véiermol vun engem Spezialist, eemol vun engem Hausdokter duerchgefouert ginn, mat deene korrekte virgesinnene Medikamenter.

D'Kommissioun huet dës fënnef Dossieren, nodeem se den anonymiséierten zweete Volet studéiert hat, akzeptéiert. Et gouf a kengem Fall op den éischte Volet vun der Deklaratioun zréckgegraff. Et gouf och keen Dossier weidergeleet un de Collège médical oder un de Parquet.

Mat am Rapport steet ze liesen, dass an deene leschten zwee Joer 681 Liewensennerklärungen deponéiert goufen. Hallef an hallef vu Männer a Fraen; eng grouss Majoritéit - zwee Drëttel vun dëse Leit - tëschent 50 a 70 Joer al.

D'Kommissioun beschreift an engem zweeten Deel kuerz hir Aarbechtsweis. Am Ufank si se méi oft zesummekomm, fir déi Dokumenter auszeschaffen, déi se hu missen ausschaffen, fir kënnen ze fonctionnéieren. An zwar d'Demande d'euthanasie, d'Formulairë fir d'Dokteren, en Draft fir d'Disposition de fin de vie fir d'Patienten. Dës Dokumenter waren Enn Juli 2009 fäerdeg a sinn iwwert de Portail Santé publizéiert ginn. Vun do u war se da manner oft zesummen, fir d'Demanden, déi erakoumen, ze ënnersichen.

Si stellt fest, dass si a kengem Fall Zweifel hat, dass déi fënnef duerchgefouert Euthanasien am Kader vum Gesetz louchen, dass also d'Konditiounen an alle fënnef Fäll erfëllt waren, déi d'Gesetz virgëtt. Och d'Duerchféierung vun der Euthanasie wier an all Fall selon les règles de l'art praktizéiert ginn, d'Prozedure respektéiert. Si gesäit keen Ulass, fir drun ze zweifelen, dass eng vun deene praktizéierten Euthanasien erfuerdert hätt, den Anonymat vun deem zweete Volet duerch Bäizéie vun deem éischten net anonyme Volet opzehiewen.